LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes

**Gemeinsam Äntwert vum Aussen- an Europaminister a vum Wirtschaftsminister op d'parlamentaresch Fro n°5209 vum 11 November 2021 vum honorabelen Deputéierten dem Här Marc Goergen**

1. Wéi an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°3509 uginn, mécht d'Regierung hir Suerg ëm de Respekt vu de Mënscherechter, ënner anerem am Xinjiang, reegelméisseg an de bilaterale Kontakter mat de chineeseschen Autoritéite kloer. Dëst Joer ass de Sujet zum Beispill an engem Telefonsgespréich tëscht dem Ausseminister Jean Asselborn a sengem chineeseschen Homolog, dem Här Wang Yi, den 9. Mäerz 2021, souwéi bei engem Gespréich vum Minister Asselborn mat der chineesescher Ambassadrice de 25. Mäerz 2021, a bei enger Entrevue vum Aussen-an Europaminister Jean Asselborn mam Spezielle Vertrieder fir Europäesch Ugeleeënheete vun der chineesescher Regierung, dem Wu Hongbo, de 24. November 2021, thematiséiert ginn. An dëse Kontexter gouf och op d'Wichtegkeet vun enger Visitt vun der Héijer Kommissärin vun der UNO fir d'Mënscherechter am Xinjiang higewisen.

   Lëtzebuerg engagéiert sech och am multilaterale Kader, sief et am Kader vun den Aarbechte vum Mënscherechtsrot zu Genève oder vun der Generalversammlung vun de Vereenten Natiounen zu New York, fir op de beonrouegenden Ëmgang mat de Minoritéiten opmierksam ze maachen an eis Meenung kloer ze soen, zesumme mat gläichgesënnte Länner. An der 46. Sessioun vum UNO Mënscherechtsrot am Februar 2021, huet den Aussen-an Europaminister Jean Asselborn seng Suerg iwwer d'Diskriminéierung vun den Uiguren an d'Fro vun der Zwangsaarbecht am Xinjiang, kloer gemaach. Am Mäerz 2021 huet de lëtzebuergeschen Ambassadeur itinérant fir d'Mënscherechter zesumme mat 9 aneren europäesche Mënscherechtsambassadeuren zur Gewalt géint uiguresch Fraen a China Stellung geholl. Am Juni huet Lëtzebuerg sech enger gemeinsamer transregionaler Deklaratioun iwwer de Xinjiang ugeschloss, déi am Kader vun der 47. Sessioun vum UNO Mënscherechtsrot vu Kanada am Numm vu 44 UNO Memberstate presentéiert gouf. Am Hierscht, huet Lëtzebuerg an der Drëtter Kommissioun vun der UNO Generalversammlung eng weider gemeinsam transregional Deklaratioun iwwer d'Situatioun am Xinjiang matgedroen.

2. Unhand vun den aktuelle Statistike léisst sech keen Impakt vun dësen amerikanesche Mesuren op Lëtzebuerg ofliesen.

3. Lëtzebuerg war eent vun den éischte Länner déi sech op europäeschem Niveau fir en europäeschen Text deen eng Suergfaltsflicht fir Entreprise virgesäit agesat huet. Den europäesche Kommissär fir d' Justiz, Didier Reynders, deem seng Servicer den Ament zesumme mat deene vum Kommissär fir de Bannemaart, Thierry Breton, eng Direktive ausschaffen, huet bei senger Visitt an der Chamber, de 15ten November 2021, ënnerstrach, datt versicht gëtt den Text sou séier wéi méiglech virzestellen.

4. Op nationalem Niveau gouf en interministerielle Comité ënnert der Koordinatioun vum Ausseministère geschaaft, fir d'Haaptfroen iwwert eng méiglech gesetzlech Verankerung vun enger Suergfaltsflicht a Saache Mënscherechter fir Entreprisen zu Lëtzebuerg z'analyséieren, an der Regierung e Rapport ze maachen. D'Resultat vun däser Aarbecht soll et erméiglechen, Bausteng fir e Gesetzestext auszeschaffen. Bis dohinner läit idealerweis och eng Propositioun vun der Kommissioun fir en europäeschen Text um Dësch a mir kënnen dann, op Basis vun der Viraarbecht déi scho geleescht gouf, wärend de Verhandlunge mat den anere Staate sécherstellen, dass en zukünftegen EU-Text eise Punkte Rechnung dréit an den Niveau vun Ambitioun kritt, dee mir eis wënschen.

   D'Kommissioun huet annoncéiert deemnächst eng Direktiv ze presentéieren. Sollt et net esou viru goen, wéi mir dat hoffen, géif d'Basis bestoen, fir een eegenen nationale Wee ze goen.

Luxembourg, le 10 décembre 2021.

Le Ministre des Affaires étrangères et européennes

(s.) Jean Asselborn